

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an den Här Medieminister weiderzeleeden.

D'Gemenge verfügen iwwert eng ganz Panoplie vu Mediekanäl fir hir Kommunikatioun mat der Bevëlkerung ze féieren, dorënner den traditionelle Buet, Gadgeten, Flyer a Broschüren déi un all Stot verdeelt ginn, Televisiounssendungen, sozial Medien asw.

Dës Dispositiounen bréngen awer besonnesch am Híbléck op d'Gemengen- a Chamberswale vum 11. Juni 2023 an de Chamberswale am Oktober 2023 eng Rei potenziell Interessekonflikter an e sougenannte "moral hazard" (eng moralesch Versuchung) mat sech, well de Risiko besteet datt ëffentlech Ressourcë fir parteipolitesch Zwecker méissbraucht ginn. Och stellt sech d'Fro wou genee d'Grenz tëschent enger neutraler Informatioun vun de Bierger a parteipolitescher Propaganda verleeft, zum Beispill wann den Optrëtt an dëse Medie systematesch de Schäfferotsparteie virbehale gëtt a wa systematesch just d'Membere vum Schäfferot an d'Majoritéit an dëse Medien zu Wuert kommen oder op Fotoen ze gesi sinn an d'Oppositionspolitiker quasi ni. Dës bedenklech Tendenz schéngt sech ewell schonn an ëmmer méi Gemengen ze etabléieren.


An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren déi opschlésselt wéi eng ënnerschiddlech Mediekanäl insgesamt vun de Gemengen benotzt ginn a wéi oft se virkommen?
- 2) Sinn d'Verantwortung iwwert déi verschidde Mediekanäl an de Gemengen, sou wéi d'Richtlinn vun der Form an dem Inhalt duerch d'Gesetz definéiert? Falls jo, kann d'Regierung w.e.g. déi genee legal Basis matdeelen?
- 3) Ass d'Regierung der Meenung, datt an dëse Medienkanäl eng politesch a parteipolitesch Neutralitéit soll bestoen? Kann d'Regierung elaboréieren, op wéi eng Manéier déi néideg Neutralitéit hei garantéiert gëtt?
- 4) Zu wéi enger Zwecker dierfen d'Gemengen eege Medien ënnerhalen? Kann d'Regierung matdeelen, ob, a falls jo, wéi eng legal Basis dozou existéiert?
- 5) Op wéi enger legaler Basis ass d'Finanzéierung vun dëse Medienkanäl gereegelt?
- 6) Ass d'Regierung der Meenung, datt an dëse Mediekanäl all déi politesch Kräfte, respektiv d'Politiker sollen equitabel zu Wuert an op d'Bild solle kommen?
- 7) U wéi eng legal Richtlinn sinn d'Gemengen beim Asaz vun dëse Medie gebonnen, fir ze garantéieren, datt all déi politesch Kräfte gläichermoossen zu Wuert kommen?
- 8) Ënnerläit den Asaz vun dëse Mediekanäl enger onafhänger Kontrollinstitutioun um Niveau vun de Gemengen selwer oder dem Staat? Falls jo, wéi enger? Falls net, kann d'Regierung elaboréieren, wéi dës Decisioun motivéiert ass? U wéi eng zoustänneg

Instanz kënne betraffe Bierger a Parteien sech adresséieren, wann si e Fall vu Mëssbrauch vun dëse Medie wëlle mellen?

- 9) Wéi gedenkt d'Regierung virzegoen, fir an dësem brisanten Dossier e Verstouss géint d'Neutralitéit, respektiv ee Mëssbrauch vun dëse Mediekanäl, beim Asaz vun öffentleche Ressourcen, ze verhënneren, dat besonnesch am Hibleck op d'Gemengewalen am Juni 2023?
- 10) Wéi gedenkt d'Regierung virzegoen, fir an dësem brisanten Dossier e Verstouss géint d'Neutralitéit, respektiv ee Mëssbrauch vun dëse Mediekanäl, beim Asaz vun öffentleche Ressourcen, ze verhënneren, dat besonnesch am Hibleck op d'Chamberwahlen am Oktober 2023?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten